


de Gemengebuuet

Informationunsblat vun der Gemeng Lëntgen



Nr. 40 – August 2023

Impressum

Info-Blat Nr. 40 – August 2023

- Éditeur responsable : Collège échevinal
- Coordination : Laurent Schiltz
- Traductions : Laurent Schiltz
- Photos : Paul Provost
- Layout © : Yvette Rehlinger
- Impression
- Distribution gratuite à tous les ménages de la commune
- Numéro ISSN : 2354-4775



Sommaire

Assermentations / Vereedeungen	4
Remise de distinctions honorifiques au ministère de l'Intérieur	5
Le nouveau conseil communal / Den neie Gemengerot	5
Avis au public	6
Frühjahrsputz 2023 / Nettoyage printanier 2023	7
Aweuing Maison relais	8
1. Maifeier zum Tag der Arbeit	10
Big-Band's a Mouschelt	12
Kulinaresch Rondrees - Culinary Journey	14
Wanderweeër an der Gemeng Lëntgen	16
Spill a Spaass fir Hond a Mënsch	18
Spendenaktion	19
Visitt Gemengenhaus	20
Zesumme Fit 2023 / BICHERBUS 2023-2024	21
DT Minerva Lëntgen	22
Auditouon vun der Lëntgener Museksschoul	24
Porte ouverte vun der Lëntgener Museksschoul	29
UGDA - Diplomiwwerreechung	30
Beat meets Wine and Dine	31
Batinvest Beachvolley-Ball Tournoi „A Mouschelt“	32
Semeurs de Joie - Assemblée générale / Generalversammlung	34, 35
Petit déjeuner Fairtrade	36
Faire Breakfast	37
Happy Birthday fir 34 Jubilaren am Home St. Joseph Miersch	38
Schoulen an der Gemeng Lëntgen	39
Informatiounen / Informations	45
Bericht der Gemeinderatssitzungen	57, 60, 64
Rapports résumé des décisions prises par le conseil comm.	58, 62, 67
Syndicat d'Initiative Lintgen - Manifestatiounskalenner 2023	70
Offall-Kalenner 2023	71, 72

Administration communale de Lintgen

2, rue de Diekirch · L-7440 Lintgen

Heures d'ouverture :

Du lundi au vendredi de 8h30 à 12h00 et de 13h00 à 16h00
excepté jeudi après-midi de 13h00 à 19h00

Téléphone : 32 03 59-1 · Téléfax : 32 03 59-35

E-mail : commune@Lintgen.lu · www.Lintgen.lu

SECRETARIAT

Yves WEYLAND · yves.weyland@Lintgen.lu 32 03 59-25
Isabelle STEINMETZ · isabelle.steinmetz@Lintgen.lu 32 03 59-34
Fax: 32 03 59-31

POPULATION, ÉTAT CIVIL

Sylvie MOLITOR · sylvie.molitor@Lintgen.lu 32 03 59-27
Laurent SCHILTZ · laurent.schiltz@Lintgen.lu 32 03 59-21
Carmen ANTHON · carmen.anton@Lintgen.lu 32 03 59-20

RECETTE

Thomy MULLER · thomy.muller@Lintgen.lu 32 03 59-22
Nathalie BIRCKEL · nathalie.birckel@Lintgen.lu 32 03 59-36

SERVICE TECHNIQUE

Joe MALGET, chef de service · joe.malget@Lintgen.lu 32 03 59-26
Fax service technique 32 03 59-30
Eric FIDLER, préposé atelier comm. · atelier@Lintgen.lu 32 03 59-95
Claudine KINN · claudine.kinn@Lintgen.lu 32 03 59-29

DISPENSAIRE 32 62 58

PRÉPOSÉ FORESTIER

Manuel REICHLING 24 75 67 31

ASSISTANTE SOCIALE 32 58 20

PREBYTÈRE de MERSCH 32 00 59

E-mail miersch@cathol.lu

MAISON RELAIS 32 03 59-70

Cycle 1 (Précoce & Préscolaire) 32 03 59-45

Fax 32 03 59-49

Cycle 2-4 (nouveau bâtiment) 32 03 59-58

Cycle 2-4 (bâtiment bleu) 32 03 59-63

VERÄINSHAUS (rue de l'Église) 32 83 15

FESTSALL « A MOUSCHELT » 26 32 01 25

HALL SPORTIF 32 86 82 / 26 33 09 22

SOINS À DOMICILE 33 76 62

REPAS SUR ROUES 26 55 00 54

CONSULTATION DU BOURGMESTRE
ET DES ÉCHEVINS 32 03 59-25



de Gemengebuet

Léif Matbierger a Matbiergerinnen,

Den 11. Juni ware Gemengewalen an Dir hutt den neie Gemengerot gewielt, deen d'Geschécker fir déi nächst 6 Joer an der Gemeng leet. Déi ganz Equipe seet lech Merci fir Äert Vertrauen, dat Dir eis ginn hutt.

D'Equipe ass och schonn op der Plaz an am gaang ze schaffen:

De Buergermeeschter Louis Pinto;

d'Schäffe Jeff Herr a Jeannot Toisul;

d'Gemengeréit Anne Bisenius-Holm, Josy Consbruck, Guy Decker, Christiane Haag, Charles Margue, Patrick Robert, Joël Schmalen an Nathalie Wagner.

Mee mir sollten awer och den ale Gemengerot net vergiessen, deen eng gutt Aarbecht während sengem ganze Mandat geleescht huet.

Ee grouse Merci geet un de fréiere Buergermeeschter Henri Wurth, deen 30 Joer laang ganz vill Energie an eis Gemeng gestach huet, hien huet ganz vill gutt Projete fir eis realiséiert.

Ech soen him ee perséinleche Merci, well hie mir d'Chance ginn hat, an de Schäfferot ze kommen, wou ech ganz vill geléiert hunn.

Merci Heng a bonne Chance an dengem neie Privatliewen!

Merci awer och un de fréiere Schäffen Thierry Larsel, dee jorelaang och vill vu senger Zäit fir d'Gemeng hier ginn huet. Merci Thierry a alles Guddes fir däi Privatliewen!

Merci och un de Luc Zwank, deen sech als Conseiller an an de Kommissiounen engagéiert hat fir eis Gemeng, och Dir, Luc, bonne Chance!

An och enger Persoun, déi hiert Mandat aus perséinleche Grënn net konnt fäerdeg maachen, Anne Diderich, och Dir ee Merci fir déi Zäit déi's du an d'Wuel vun der Gemeng investéiert hues.

Eppes ass sécher: meng Equippe an ech selwer, mir wäerten alles ënnerhuelen, fir datt et mat eiser Gemeng gutt viru geet. A wann Dir Iddien a Propositiounen hutt fir eis Gemeng, da gitt eis Bescheid, mir lauschteren lech gären no.

Am Numm vun der ganzer Equipe wënschen ech lech eng gutt Gesondheet, a fir deen een oder aneren natierlech och eng schéi Vakanz.

*Äre Buergermeeschter
Louis Pinto*

Chères citoyennes, Chers citoyens,

Le 11 juin ont eu lieu les élections communales et vous avez élu le nouveau conseil communal qui va diriger la commune pendant les prochaines 6 années. Toute l'équipe vous remercie pour votre confiance que vous avez mis en nous.

L'équipe est déjà en place et au travail :

Bourgmestre Louis Pinto ;

échevins Jeff Herr et Jeannot Toisul ;

conseillers(ères) Anne Bisenius-Holm, Josy Consbruck, Guy Decker, Christiane Haag, Charles Margue, Patrick Robert, Joël Schmalen et Nathalie Wagner.

Mais il ne faut pas oublier l'ancien conseil communal qui a fait un bon travail tout au long de son mandat.

Un grand merci revient à l'ancien Bourgmestre Henri Wurth qui pendant 30 ans s'est engagé avec beaucoup d'énergie pour notre commune, Il a concrétisé beaucoup de projets dans notre commune pour notre bien.

Moi personnellement je le remercie de m'avoir donné la chance d'entrer au collège des échevins, où j'ai beaucoup appris.

Merci Heng et bonne chance dans ta nouvelle vie privée !

Merci aussi à l'ancien échevin Thierry Larsel qui pendant des années a lui aussi beaucoup donné de son temps pour notre commune. À toi aussi Thierry, merci et bonne chance dans ta vie privée !

Merci aussi à Luc Zwank qui s'est engagé comme conseiller et dans des commissions consultatives etc. pour notre commune. À toi aussi Luc, bonne chance dans ta vie privée !

Et encore une personne qui n'a pas pu terminer son mandat pour des raisons personnelles,

Anne Diderich, à toi aussi merci pour le temps que tu as donné pour le bien de notre commune.

Une chose est sûre, mon équipe et moi, nous allons tout faire pour que notre commune continue d'avancer dans le bon sens, et si vous avez des suggestions pour le bien de notre commune faites-le nous savoir car nous sommes prêts à vous écouter.

Au nom de toute l'équipe je vous souhaite une bonne santé et pour certains de bonnes vacances.

*Votre Bourgmestre
Louis Pinto*

Assermentations

Le 3 juillet 2023, la ministre de l'Intérieur, Taina Bofferding, a procédé à l'assermentation du collège des bourgmestre et échevins de la commune de Lintgen.

Monsieur Louis Pinto, nommé aux fonctions de bourgmestre, Monsieur Jeff Herr, nommé aux fonctions du 1er échevin et Monsieur Jeannot Toisul, nommé aux fonctions du 2e échevin, ont prêté, entre les mains de Taina Bofferding, ministre de l'Intérieur, le nouveau serment prescrit par l'article 6 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 dont la formule est

la suivante : „Je jure d'observer la Constitution et les lois et de remplir ma fonction avec intégrité, exactitude et impartialité“.

En soirée, dans le cadre d'une petite cérémonie le bourgmestre Louis Pinto a procédé à l'assermentation des six nouveaux conseillers, Mmes Anne Holm Bisenius, Christiane Haag, Nathalie Wagner, MM. Charles Margue, Patrick Robert et Joël Schmalen, ainsi que des deux réélus, MM. Jos Consbruck et Guy Decker.



Vereedegungen

Den 3. Juli 2023 huet d'Inneministesch, Taina Bofferding, de Schäfferot vun der Gemeng Lëntgen vereedegt.

Den Här Louis Pinto, ernannt als Buergermeeschter, den Här Jeff Herr, ernannt als 1. Schäffen an den Här Jeannot Toisul, ernannt als 2. Schäffen, hunn a Presenz vun der Inneministesch, Taina Bofferding, den neien Eed ofgeluecht, deen am Artikel 6 vum geännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988 virgeschriwwen ass, a wéi follgend ass: „Je jure d'observer la Constitution et les lois et de remplir ma fonction avec intégrité, exactitude et impartialité“.

Owes huet de Buergermeeschter Louis Pinto am Kader vun enger klenger Zeremonie déi sechs nei Conseilleren, d'Madammen Anne Holm Bisenius, Christiane Haag, Nathalie Wagner, d'Häre Charles Margue, Patrick Robert a Joël Schmalen, souwéi déi zwee Erëmgewielten, d'Häre Jos Consbruck a Guy Decker, vereedegt.

Le nouveau conseil communal / Den neie Gemengerot:

Pinto Louis – Bourgmestre / Buergermeeschter

Herr Jeff – 1^{er} échevin / 1. Schäffen

Toisul Jeannot – 2^e échevin / 2. Schäffen

Conseillers communaux / Gemengerot

Bisenius Anne Holm

Margue Charles

Consbruck Jos

Robert Patrick

Decker Guy

Schmalen Joël

Haag Christiane

Wagner Nathalie

Text : Communiqué du Ministère de l'Intérieur

03.07.2023 / Laurent Schiltz

Fotoen: Claude Piscitelli / Paul Provost



Remise de distinctions honorifiques au ministère de l'Intérieur

La ministre de l'Intérieur, Taina Bofferding, a procédé, en date du 22 juin 2023, à la traditionnelle remise de médailles honorifiques dans le cadre des festivités de la fête nationale.

Cette année, onze élu-e-s locaux/-ales, entre autres M. Thierry Larsel, conseiller communal de la commune de Lintgen, et neuf collaborateurs/-trices du ministère de l'Intérieur ont reçu une distinction honorifique dans l'ordre grand-ducal de la Couronne de chêne et dans l'ordre de Mérite du Grand-Duché de Luxembourg.

La ministre a particulièrement insisté, lors de la remise des médailles, à remercier les élu-e-s pour leur engagement et leur dévouement au service des citoyen-ne-s et les collaborateurs/-trices du ministère pour leurs longues années d'engagement et de dévouement dans l'exercice de leurs fonctions.



Communiqué du Ministère de l'Intérieur du 22.06.2023

Le nouveau conseil communal / Den neie Gemengerot



Hinten stehend v.l.n.r.: Christiane Haag, Charles Margue, Anne Holm Bisenius, Joël Schmalen, Guy Decker, Patrick Robert, Jos Consruck, Nathalie Wagner – Vorne sitzend v.l.n.r.: Jeff Herr, Louis Pinto, Jeannot Toisul

AVIS AU PUBLIC

Approbation définitive du PAG

Il est porté à la connaissance du public que le nouveau Plan d'Aménagement Général (PAG) de la commune de Lintgen, voté définitivement le 14 juillet 2022 respectivement le 19 janvier 2023 (vote complémentaire) par le conseil communal, vient d'être approuvé par Madame la Ministre de l'Intérieur en date du 12 avril 2023, référence 9C/004/2020 et arrêté par Madame la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable en date du 2 février 2023, référence 84059.

La délibération du conseil communal de Lintgen du 14 juillet 2022 respectivement du 19 janvier 2023 (vote complémentaire) portant approbation du projet d'aménagement particulier „Quartier existant“ de la commune de Lintgen (PAP-QE) a été approuvée par Madame la Ministre de l'Intérieur en date du 12 avril 2023, référence 18946/9C (refonte PAG 9C/004/2020).

Il est porté à la connaissance du public que la décision du conseil communal de Lintgen du 14 juillet 2022 respectivement du 19 janvier 2023 (vote complémentaire) relative à l'évaluation des incidences de certains plans et programmes sur l'environnement (SUP) dans le cadre de la refonte du PAG et conformément aux dispositions de l'article 10 de la loi modifiée du 22 mai 2008 relative à l'évaluation des incidences de certains plans et programmes sur l'environnement, a été approuvée par Madame la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable en date du 2 février 2023, référence 84059.

Les dossiers sont disponibles sur le site internet de la commune de Lintgen :

www.lintgen.lu/environnement-mobilite-urbanisme/urbanisme/plan-damenagement-general-pag.

Le collège des bourgmestre et échevins



de Gemengebuuet

FRÜHJAHRSPUTZ 2023

Am 4. März hatte die Umweltkommission zu der jährlichen Frühjahrsputzaktion eingeladen. Bei kalten Temperaturen fanden sich wieder viele Mitbürger und Vertreter lokaler Vereine und Kommissionen ein, um gemeinsam die Rad- und Wanderwege in der Gemeinde zu säubern. Dieses Jahr haben sich auch die Schulkinder mit ihren Lehrern und Lehrerinnen am Vortag an der Putzaktion beteiligt. Wie jedes Jahr musste wieder festgestellt werden, dass immer noch große Mengen Verpackungsmaterialien, Haushaltsabfälle, Bauschutt bis hin zu Sperr- und Sondermüll unachtsam oder aber auch vorsätzlich in die Natur geschmissen werden.

Zum geselligen Abschluss nach getaner Arbeit waren alle großen und kleinen Helfer zum Grillen in Mouschelt eingeladen. Im Namen der scheidenden Umweltkommission bedanke ich mich nochmals ausdrücklich für die tatkräftige Unterstützung durch den technischen Dienst der Gemeinde, ohne die die Aktionen der Umweltkommission nicht stattfinden könnten.

Luc Zwank (Präsident der Umweltkommission)



NETTOYAGE PRINTANIER 2023

Le 4 mars, la commission de l'environnement avait de nouveau invité à son action annuelle du nettoyage de printemps. Par des températures froides, de nombreux citoyens et représentants d'associations et de commissions locales se sont retrouvés pour nettoyer ensemble les pistes cyclables et les chemins de randonnée de la commune. La veille, les écoliers et le personnel enseignant ont également participé à cette action de nettoyage. Comme chaque année, on a dû constater que de grandes quantités de matériaux d'emballage, de déchets ménagers, de déchets de construction et même de déchets encombrants et spéciaux sont encore jetés dans la nature par négligence voire même intentionnellement. Pour terminer le travail de manière conviviale, tous les bénévoles, petits et grands, ont été invités à un barbecue à Mouschelt. Au nom de la Commission de l'environnement sortante, je remercie encore une fois le service technique de la commune pour son soutien actif, sans lequel les actions de la commission ne pourraient pas avoir lieu.

Luc Zwank (Président de la commission de l'environnement)

Aweigung Maison relais





1. Maifeier zum Tag der Arbeit

Auf Initiative der OGBL-Sektion Uelzechtdall versammelten sich am ersten Mai die Vereine der Gemeinde Lintgen auf Roschten zum Binden eines Maikranzes. Anschließend erfolgte der Umzug zum Schulcampus „Lëmbaach“ wo der Vertreter des OGBL-Uelzechtdall eine kleine Ansprache hielt und den Vereinen für ihre Teilnahme an der 1. Maifeier dankte. Die Tradition der 1. Maifeier gibt es schon seit 1948 und wurde damals von der LAV-Sektion Lintgen organisiert.





Fotoen: Jos Consbruck, Paul Determe, Jean Ewen, Pol Serra an aner Membere vun der Lëntgener Musek



Big-Band's a Mouschelt





Am Kader vu „Big Band’s a Mouschelt“ an a Presenz vum Buergermeeschter an dem Schäfte Louis Pinto stoung de 6. Mee d’Big Band Opus 78, ënnert der Direktioun vum Raoul Christophe op der Bün. Et war no 2018 déi zweete Kéier, dass Opus 78 bei ons war.

An de Mouschelt hat d’Kulturkommissioun invitéiert an d’Léntgener Musek huet fir d’Bekäschtege vun de Gäscht gesuergt. Opus 78 wouss mat engem flotte musikalesche Programm ze begeeschteren. Um Programm, deen d’ganz Panoplie vum Big Band Sound ofgedeckt huet, stoungen eng Rei Nummere vu Lëtzebuerger Komponisten, déi ënner anerem och op der neier CD vun Opus 78 sinn.

Nom wuelverdénkten Applaus hunn d’Museker, no enger Hameschmier, den Heemwee ugetratt.

Mir hoffen am Mee 2024 e weidere Concert an der Rei „Big Band’s a Mouschelt“ kënnen z’organiséieren.

*Text André Heinen
Fotoen René Heisten*





Kulinaresch Rondrees - Culinary Journey

De 5. Mäerz hat d'Kulturkommissioun vun der Gemeng Lëntgen op eng kulinaresch Rondrees a Mouschelt agelueden.

Mir hate Platen aus Mexico, Korea, Tibet, Polen, Däitschland, Lettland a Lëtzebuerg.

E grouse Merci un all d'Awunner déi fir ons gekacht hunn, et war excellent.

Mir ware schonn Deeg virdrun ausverkaf. D'Fotoe schwätze fir sech selwer.

Et ass och deen Dag d'Iddi opkomm 2024 oder 2025 nach esou eng Rondrees ze organiséieren.

*André Heinen
Fotoe vum Paul Provost*

The Culture Committee of Lintgen invited on March 5 to the event "culinary journey".

We served dishes from a number of countries including Mexico, Korea, Tibet, Poland, Germany, Latvia and Luxembourg.

First of all our most sincere thanks and congratulations therefore to all participants for their outstanding dishes.

We had given ourselves a limit of 75 guests and the event was sold out days before.

The conclusion in the evening was to plan another journey in 2024 or 2025.

André Heinen





Wanderweeër an der Gemeng Lëntgen

Endlech ass et esou wäit!

No laangem plangen, ass d' Sportkommissioun houfreg lech matdeelen ze kënnen, dass d'Gemeng Lëntgen elo een offizielle lokale Wanderwee, genannt „Schéiferei“, huet. Dëse Wanderwee fänkt bei der Sportshal un a féiert iwwert d' Pretten „Bingen“ bis erop op de Gousselerberg, verleeft dann iwwert de Plateau bis an de Schwunnendall, fir dann iwwert de Prettenerberg erëm op den Ausgangspunkt zeréck ze kommen. Op dësem Rondwee fannt dir flott Panorama Vuen op den Uelzechtdall, esou wéi op d' Dierfer vun der Gemeng, an op d'Émgéigend. Dir kënnt op deem 10,2 km laange Parcours, an dem Bësch, tësche Felder a Wise gutt entschleunegen. Hei fannt dir d'Rou an den Doft vun eiser Natur. Dëse Wanderwee ass am Verbond vun de Guttländ Trails. Et ass och méiglech, aner Wanderungen domat ze verknëppen, all Detailler fannt dir ënnert www.guttländtrails.lu.

Des Weidere wäert op der Lëntgener Säit een iwwerschafften (Li1), zirka 8 km laangen, offizielle Wanderwee ausgeweise ginn. Et handelt sech heibäi em deen ale Ritterwee mat e puer klengen Ännerungen. Zu gudder Lescht kënnt

da mam Li2 een neien, zirka 7 km laange Wanderwee derbäi. Hei ass den Depart um Parking an der Kéier (A Mouschelt), féiert iwwert den ale Weier, laanscht de Kinnekskeller, an der Steekaul bis op Bockelescht, fir iwwert den Lëntgenerberg zeréck bis erof op Mouschelt ze kommen. Weider Detailler fannt Dir op den Informationspaneuen um jeeweilige Startpunkt.

Ee grouse MERCI geet un d' Gemeng Lëntgen an d'Fierschteren ANF (Administration de la Nature et des forêts) fir hir wäertvoll Hëllef, ouni déi dëse Projet net hätt kënnen realiséiert ginn. Dat selwecht gëllt fir déi groussaarteg Ënnerstëtzung a Mathëllef déi mir vum Office Régional du Tourisme du Centre et de l'Ouest (ORT), an dem Forum pour l'Emploi kritt hunn.

Domat hutt Dir eng gutt Méiglechkeet fir mat Frënn, an Bekannten dës flott beschëldert Rond- Wanderweeër an der Natur ze entdecken.

Avis aux amateurs !
Sportkommissioun Lëntgen

Text: Théo Weiler





Spill a Spaass fir Hond a Mënsch



Am 13. Mai hatte die Sportkommission zur 3. Edition von „Spill a Spaass fir Hond a Mënsch“ eingeladen. Das Seminar mit Workshop konzentrierte sich darauf, die Bindung zwischen Mensch und Hund auf spielerische Art aktiver zu gestalten. Ziel ist, dass beide zusammen Spaß haben. Der Hund von heute ist nicht mehr nur der Arbeitskumpel, sondern vor allem ein wertvoller Sozial- und Freizeitpartner. Er lebt wie ein Familienmitglied und ist des Öfteren „arbeitslos“, d. h. unterfordert. Den Teilnehmern wurden Tipps gegeben und Tricks gezeigt, wie man die Intelligenz seines Hundes fördert. Durch solche Tricks wird ein Hundeleben attraktiver.

Dieses Jahr wurde der Workshop von einem professionellen Hundecoach von der Hundeschule „Muppegeck“ geleitet. Mike Peter war Finalist der RTL-TV Show „Top Dog Germany“ und ist Mitglied im Agility-Nationalteam.

L. Warling



Spendenaktion

Krebskranke Kinder

Während den Karnevalferien haben wir, im Namen der Maison Relais, für die Stiftung für krebskranke Kinder, Muffins gebacken und diese anschließend in der Maison Relais verkauft. Es wurden zwei Gruppen gebildet: eine Gruppe hat gemeinsam mit der Erzieherin und dem Koch der Maison Relais Muffins in der Küche vorbereitet; die andere Gruppe hat sich um die Dekoration des Tisches und allgemein des Raumes gekümmert, wo die Muffins verkauft wurden. Es wurden mehrere Plakate gezeichnet. Gegen 16 Uhr wurden die Muffins dann anschließend von den Kindern an die Eltern verkauft.

Im Ganzen hat die Maison Relais 190 Euro an die Croix-Rouge gespendet.

Text: Tiffany Szöllösy



Visitt Gemengenhaus

D'Schüler aus dem Cycle 3.1 haten déi grouss Eier de Buergermeeschter Henri Wurth am Gemengenhaus dierfen ze besichen. Nieft enger klenger Visitt vum Gebai, hat den Här Wurth sech och nach Zäit fir déi eng oder aner Fro vun de Kanner geholl.

Text: Gina Dimola



Zesumme Fit 2023



**Den 23.9.2023 vun 10.00 –15.00 Auer
bei der Sportshal zu Lëntgen**

Gratis an ouni Engagement

Invitéiert sinn all Biergerinnen a Bierger,
aus der Gemeng Lëntgen

**Le 23/09/2023 de 10.00 –15.00 h
hall sportif à Lintgen**

Gratuit et sans engagement

Tous les citoyens de la commune de Lintgen,
sont bien invités pour assister

BICHERBUS 2023-2024

Wuer a wéini kënt de Bicherbus zu Lëntgen?



**DONNESCHDES T13
15:15 bis 16:00**

28. September

19. Oktober

16. November

07. Dezember

11. Januar

01. Februar

29. Februar

DT MINERVA LËNTGEN

Opstig an d'National 1 Audi Ligue



Sportlechen Erfolleg vun eiser Jugend

Den 29. Abrëll war et souwäit. No laange Joren huet ons 1. Equipe et fäerdeg bruecht erëm an déi héchsten Divisioun, also d'National 1 vun der Audi Ligue, opzesteigen.



Op der Foto den Elsen Luca, Aguiar Joao, Tibold Noé an Saudemont Robin.



de Gemengebouet

Doniewent huet ons Jugend grouss sportlech Erfollegger heembruecht.
VAINQUEUR KIDS CUP, VAINQUEUR TEENS CUP, 2. Plaz COUPE JEUNES
CHAMPION DE LUXEMBOURG EQUIPES JEUNES
VICE-CHAMPION DE LUXEMBOURG EQUIPES MINIMES

Hannert dëse grouse Leeschtungen stécht immens vill Méi a Schweess.
Dofir e grouse Merci un ons Spiller fir hir Leeschtung, awer och un de Comité, d'Gemeng an all ons Sponsoren.



All ons aktiv Spiller

Trainingsoffer vum Dt. Lëntgen:
<http://www.dtlintgen.lu/>

Dëschdes an donneschdes, jee weils
ab 5:00 Mëttes, hu mir Training.

Vu 05:00 bis 6:00

Dëschtennis Schoul fir déi Kleng

Vu 6:00 bis 7:30

Jugend Training

Vu 7:30 bis 9:00

Erwuessenen Training.



Hei eng Foto vun eiser Dëschtennis Schoul.

Endlech erëm eng Auditioun vun der Lëntgener Museksschoul !



Nodeems et wärend 3 Joer aus bekannten Ursaachen net méiglech war déi traditionell Auditioun vun der Lëntgener Museksschoul ze organiséieren, haten dëst Joer ëmsou méi Kanner a Jugendlecher mat hiren Elteren, hirer Famill an hire Frënn um Sonndeg, 12. Mäerz, de Wee an de Festsall „A Mouschelt“ fonnt, fir zesummen e puer flott musikalesch Stonnen ze verbréngen.



Spaass a Freed un der Musek ass grouss geschriwwen ginn, och wann déi méi oder manner kleng Musikantinnen a Musikanten natierlech e bëssen opgereegt waren, fir virun esou engem groussen Publikum opzotrieden.




Mee si haten dat ganz Joer iwwer ganz fläisseg geübt an dofir konnt jo och näischt schif goen.

Frou Gesichter huet een op alle Fall gesinn, wéi hiren Asaz mat enger Hellewull Diplomer belount gouf, déi vum Schäfte vun der Gemeng Lëntgen, dem Här Louis Pinto, der Chargée de direction vun der UGDA Regional Museksschoul Uelzechtdall, der Madamm Michelle Van Dijk an der offizieller Vertrieederin vun der UGDA, der Madamm Arlette Wagner-Heitz iwwerreicht gi sinn.



Als Ofschloss vun dësem agreablen Nomëtteg huet de Jugendensembel vun der Lëntgener Musek ënnert der Direktioun vum Marc Loewen e kleng Concert zum Beschte ginn.



Merci nach eng Kéier Iech all fir Är groussaarteg Presenz.

Text: Jean Ewen
Fotoen: René Heisten







*An nach e puer traditionell Aktivitéite stounge fir d'Lëntgener Musek
am éischten Hallejoer 2023 um Programm*



Kannerfuesbal am Februar – no 2 Joer Abstinenz en neien Ulaf



ING Night Marathon an der Stad



Porte ouverte vun der Lëntgener Museksschoul



Och dëst Joer hate sech vill Kanner a Jugendlecher mat hiren Elteren op der Porte ouverte vun der Museksschoul afont.

Déi Jéngst aus dem Éveil musical hu flott Dänz opgefouert an déi méi grouss hunn hiert Talent op deene respektiven Instrumenter bewisen.

Duerno konnt natierlech jiddereen och all déi Holz-, Blech- a Perkussionsinstrumenter ausprobéieren, an net nëmmen déi Jonk haten dorun hire gellege Spaass !

Zum Schluss huet e kleng Concert vum Jugendensembl vun der Lëntgener Musek dese flotten Nomëtteg ofgeronnt.

Text + Fotoen: Jean Ewen



UGDA – Diplomiwverreechung

A Presenz vum Här Louis Pinto, Verrieder vun der Gemeng, hunn d'Schüler aus der Gemeng Lëntgen hiren Diplom vun der UGDA Museksschoul zu Luerenzweiler de 26. Februar 2023 iwwerreecht kritt.

Eis Gratulationen un:

Zabrian Sofia,
Benito Diez Anibal,
Claude Gil,
Claude Louis a
Frechard Louis

fir hir gutt Leeschtung.

Text: Laurent Schiltz



© Fotoen: J.M.“Lupo“ Ludowicy - lupo.lu



Foto mat de Gemengeverrieder



de Gemengebouet

Beat meets Wine and Dine

Zanter ee puer Joren organiséieren d'Spiller vum FC Minerva Lëntgen hiren traditionelle Wäinowend, ënnert dem Motto "Beat meets Wine and Dine" zu Lëntgen am Veräinssall.

No engem Joer Paus wéinst Covid-19, respektiv enger spezieller Editioun 2022 am Abrëll bei waarmen Temperaturen, huet deen Owend dëst Joer nees Ufank Februar stattfonnt.

Bei gudder Stëmmung sinn d'Gäscht voll op hir Käschte komm! Um Menü stoungen nees Fleeschstelleren, Kéistelleren a gemëschten Telleren, fir déi néideg Stëmmung huet eisen DJ Pikay gesuergt. A Rekordzäit waren déi limitéiert Plazen verginn.

Text: Patrick Robert



BATINVEST BEACHVOLLEY-BALL TOURNOI „A MOUSCHELT“



Nom grouse Succès vun deenen éischten Editioun vum Batinvest Beachvolleyball Tournoi, stoung dëst Joer schonn déi 7. Editioun um Programm. D'Supporter vum FC Minerva Lëntgen hate Samschden, den 10. Juni d'Sportler an d'Sportlerinnen nees op Lëntgen invitéiert.

De Batinvest Beachvolley ass méttlerweil als Fräizäittournéier am Land bekannt an definitiv richteg etabléiert. Et ass een Tournoi, bei deem et an éischer Linn ëm de Spaass an e flotten Dag geet. Déi 20 Plaze waren dëst Joer a Rekordzäit vun nëmmen 48 Stonne verginn. D'Wieder huet sech dëst Joer nees vu senger allerbeschter Säit gewisen, wat bei de Spillerinnen, Spiller an den Zuschauer fir eng exzellent Laun gesuergt huet. Op deenen dräi Terrainen ass dee ganze Mëtteg mat deem néidegen Asaz, Fairness a virun allem mat vill Spaass ëm d'Victoire gespillt ginn. Um Enn konnt nees just een den Tournoi gewannen, an dat sollt dëst Joer d'Ékipp vun „Tanja Napupunta Buong Balbula“ sinn. Se hunn et fäerdeg bruecht, an enger spannender Finalronn, d'Iwwerhand iwwert de Gewënner vum leschte Joer „Equinox“ an „The team formerly known as Habanos Eroticos“ ze behalen. D'Ékipp vu „Shut your mouth - ouni Béier wier et besser gaangen“ huet et op déi véierte Plaz gepackt. Ëmmer nees interessant, wat d'Ékippen sech fir Nimm afale loossen.

Ee ganz grouse MERCI un all d'Ékippen, déi och erëm op eiser 7. Editioun ugetruede sinn an zum risegen Erfolleg bäigedroen hunn!

Ee ganz grouse MERCI geet vun onser Säit un eis Sponsoren, ouni déi esou eng sportlech Manifestatioun hautdesdaags definitiv net méi méiglech wier.

Nieft de Sponsore wëlle mir och all de Fräiwëllegen, déi an iergendenger Form zum Erfolleg bäigedroen hunn, MERCI soen.

Last but not least, ee rise grouse MERCI un d'Gemeng, mat där mir méttlerweil een agespillten Team sinn wat d'Organisatioun vun sou engem Event ueegt.

MERCI datt dir dobäi waart, an enger 8. Editioun Samschdes, den 08. Juni 2024 a Mouschelt steet deemno näischt am Wee.

Mat sportleche Gréiss.



Text: Patrick Robert





L'assemblée générale de l'ONG Semeurs de Joie a eu lieu le lundi 4 mai 2023 au Vereinshaus de Lintgen.

Le président, Monsieur Thierry Ducamp a ouvert la réunion en souhaitant la bienvenue aux membres et sympathisants présents.

Le président a présenté le rapport d'activité de l'année 2022.

Le président a fait le point sur les projets.

En 2022 les SDJ ont soutenu

République Démocratique du Congo – Projet de formation agricole

Objectifs du projet: Formation agricole pour jeunes et vulgarisation des techniques agricoles pour les paysans à Kamutanga et environs, Province du Kasai Occidental en République Démocratique du Congo.

Le projet cible les jeunes des écoles secondaires de la région. 310 jeunes seront formés au niveau supérieur (graduat et licence) dans les domaines de l'agro-forestier et des sciences éducatives.

(part SDJ 15.000 €).

Ukraine - Aide humanitaire dans le cadre du conflit

Dans un premier temps, les Semeurs de Joie avaient décidé de faire un don de 3.000 € à la Croix-Rouge luxembourgeoise en faveur de l'Ukraine. Entre temps, V. Krier a été sollicité par un de ses amis ukrainiens pour un envoi de médicaments. Les SDJ ont alors décidé de s'occuper de cet envoi de médicaments via le contact de V. Krier pour 5.850 €.

(part SDJ 600 € + dons spécifiques reçus 5.250 €).

Ukraine - Aide humanitaire dans le cadre du conflit

Suite à la collecte spécifique, il restait 2.400 € de disponible. Les SDJ ont fait un don à l'association „Ukraïnkā” (Union des femmes ukrainiennes du Luxembourg) qui leur a permis d'acheter de la nourriture pour les habitants des villes de Butscha, Andriïvka et Pustomyl, villes libérées, mais détruites.

(part SDJ 2.400 €).

En 2023 les SDJ continueront de soutenir le projet

République Démocratique du Congo – Projet de formation agricole (part SDJ 15.000 €).

Le trésorier, Monsieur Georges Herr a ensuite présenté le bilan financier au 31 décembre 2022. Les réviseurs de caisse, Messieurs Horst Bieser et Venant Krier n'avaient pas d'objection et ont donné décharge au trésorier.

Décharge a été ensuite donnée au Conseil d'Administration par acclamation

Messieurs H. Bieser et V. Krier acceptent de continuer leur charge de réviseur de caisse pour 2023.

L'article 12 des statuts de l'ONG prévoit que les membres du Conseil d'Administration sont élus pour deux ans. Quatre membres étaient sortants cette année : Andrée Hanck, Monique Krier, Albert Molitor et Silvana Parisotto. Tous ces membres sont rééligibles et ont été réélus par acclamation.

Monsieur Louis Pinto, échevin, a pris la parole pour se réjouir, au nom de la commune, du travail des Semeurs de Joie et pour les encourager dans leur engagement.

A l'issue de la réunion, le président, au nom du Conseil d'Administration, a remercié l'assemblée et l'a invitée à un verre de l'amitié en précisant que ce verre de l'amitié est offert et financé par les membres du Conseil d'Administration.

Composition du Conseil d'Administration suite à l'Assemblée Générale ordinaire du 04/05/2023

Président:	Thierry DUCAMP	L-7450 LINTGEN
Vice-Président:	Monique KRIER	L-7456 LINTGEN
Caissier:	Georges HERR	L-7447 LINTGEN
Membres:	Andrée HANCK	L-7447 LINTGEN
	Albert MOLITOR	L-7432 GOSSELDANGE
	Silvana PARISOTTO	L-7447 LINTGEN
	Eric SAUER	L-7450 LINTGEN
	Charles THIES	L-7447 LINTGEN



Generalversammlung vun der ONG Semeurs de Joie



D'Generalversammlung vun der ONG Semeurs de Joie wor e Méindeg, de 4. Mee 2023 am Veräinshaus zu Lëntgen. De President Thierry Ducamp huet d'Versammlung opgemaach an déi present Memberen a Sympathisante begrüsst.

De President huet den Aktivitéitsbericht vun 2022 virgeliess, an duerno d'Projeten virgestallt, déi 2022 vun de Sdj ënnerstëtzt gi sinn:

E landwirtschaftleche Projet an der Demokratescher Republik Kongo.

Objektiv vum Projet ass d'landwirtschaftlech Ausbildung fir Jugendlecher an d'Vulgarisatioun vun de landwirtschaftlechen Techniken fir d'Bauern aus der Émégéigend vu Kamutanga an der Provënz Kasai Occidental an der Demokratescher Republik Kongo.

De Projet soll 310 jonk Secondaireeschüler aus der Region op engem méi héigen Niveau (Graduat a Lizenz) eng agrar a forstwirtschaftlech an eng erziehungswissenschaftlech Ausbildung erméiglechen.

(Kontributioun Sdj: 15.000 EURO)

Humanitär Hëllef am Kader vum Ukrainkrich.

Nodeems d'Semeurs de Joie decidéiert haten, en Don vun 3000 EURO un d'Rout Kräiz ze maachen fir d'Ukrain, ass den Här Venant Krier vun engem ukrainesche Frënd gefrot ginn fir Medikamenter fir eng ukrainesch Klinik ze schécken. Sdj hunn dunn decidéiert, sech ëm déi Sendung vun 8.250 € ze këmmern.

(Part SDJ 600 € + spezifesch Kollekt vu 5.250 €).

Humanitär Hëllef am Kader vum Ukrainkrich.

No der spezifischer Kollekt bloufen 2.400 € iwwreg. D'SDJ hunn dovun en Don gemaach un d'Association „Ukrainka“ (Union des femmes ukrainiennes du Luxembourg) fir lessen ze kafen fir d'Awunner vun de Stied Butscha, Andriivka a Pustomyl, déi befreit, mee zerstéiert waren.

(Part SDJ 2.400 €).

Am Joer 2023 fieren d'SDJ viru mat der Ënnerstëtzung vum landwirtschaftleche Projet an der Demokratescher Republik Kongo (Part SDJ 15.000 €).

Den Tresorier Georges Herr huet duerno de finanzielle Bilan vum 31. Dezember 2022 duergeluecht. D'Keeserevisoren, d'Hären Horst Bieser an Venant Krier hate keng Objektioun ze maachen, an den Tresorier krut d'Decharge.

Decharge krut dunn och de Verwaltungsrot duerch Akklamatioun.

Déi Häre Bieser a Krier huele weider fir 2023 hir Charge als Keeserevisoren un.

Den Artikel 12 vun de Statute gesäit vir, dass d'Membere vum Verwaltungsrot fir 2 Joer gewielt ginn. Dëst Joer trieden esou 4 Memberen aus: Andrée Hanck, Monique Krier, Albert Molitor a Silvana Parisotto. Sie all stinn erëm zur Wal a sinn duerch Akklamatioun erëmgewielt ginn.

De Schäfte Louis Pinto huet duerno d'Wuert ergraff fir sech am Numm vun der Gemeng iwwer d'Aarbecht vun de Semeurs de Joie ze freeën a si an hirem Engagement z'encouragéieren.

No der Versammlung huet de President am Numm vum Verwaltungsrot der Versammlung Merci gesot an si op e Patt invitéiert, deen -wuel bemierkt- vun de Membere vum Verwaltungsrot finanzéiert ginn ass.

Zesummesetzung vum Verwaltungsrot no der Generalversammlung vum 04/05/2023

President:	Thierry DUCAMP,	L-7450 LINTGEN
Vize-President:	Monique KRIER,	L-7456 LINTGEN
Tresorier:	Georges HERR,	L-7447 LINTGEN
Memberen:	Andrée HANCK,	L-7447 LINTGEN
	Albert MOLITOR,	L-7432 GOSEL DANGE
	Silvana PARISOTTO,	L-7447 LINTGEN
	Eric SAUER,	L-7450 LINTGEN
	Charles THIES,	L-7447 LINTGEN



Petit déjeuner Fairtrade



La Commission des affaires sociales, du commerce équitable et de la sécurité et les Semeurs de Joie ont organisé ensemble un petit déjeuner Fairtrade à Mouschelt le mardi 9 mai 2023, journée de l'Europe.

Plus de 120 personnes se sont régalées avec les produits Fairtrade, bio et locaux présentés au buffet. En fin de matinée, de nombreuses personnes sont venues prendre l'apéritif.

Un stand de vente de produits Fairtrade, un stand d'information sur les produits Fairtrade ainsi qu'un stand d'information sur les Semeurs de Joie permettaient aux participants de s'informer ou de faire quelques achats.

La Spillfabrik, club de jeux de société de Lintgen, a animé la matinée.

Le bénéfice de cet événement sera affecté aux projets soutenus par les Semeurs de Joie.

Texte : Thierry Ducamp





Faire Breakfast



D'Kommissioun vun den affaires sociales, dem fairen Handel an der Sécherheet an d'Semeurs de Joie hunn zesummen en Dënschdeg, den 9. Mee 2023, um Europadag, a Mouschelt e faire Breakfast organiséiert.

Méi wéi 120 Gäscht hunn sech de Buffet mat Fairtrade-, Bio-, a lokale Produkter gutt schmaache gelooss. A géint Mëtteg konnten och nach vill Leit den Aperitif genéissen.

Niewebäi konnt jidderee sech op Informatiounsstänn vu Fairtrade a vun de Semeurs de Joie informéieren an eng grouss Auswiel vu Fairtrade-produkter um Stand vum Weltbuttek kafen.

D'Spillfabrik war mat Gesellschaftsspiller present fir de Mueren z'animéieren.

Den Erléis vun dësem Mueren fléisst an d'Projete vun de Semeurs de Joie.

Text: Thierry Ducamp



Happy Birthday fir 34 Jubilaren am Home St. Joseph Miersch

Miersch: Eng Gebuertsdaysfeier soll ëmmer mat Freed verbonne sinn, an och a gudder Erënnerung bleiwen. Dat huet bei der zweeter Feier fir dëst Joer am „Home St Joseph Miersch“ zu honnert Prozent zougetraff. Et war einfach formidable wéi d'Direktioun zesumme mat de Leit vum „Club R“ a Pensionäre während e puer Stonnen sech ganz gutt amuséiert hunn. De Rol Girres als Entertainer hat mat sengem gewinnten Humor och fir bescht Stëmmung am schéi gerëschte Sall gesuergt.

Och d'Gemengevertrieeder vu Bissen, Colmer-Bierg, Lëntgen, Fiels a Miersch, vertraueden duerch Carlo Mulbach, Isabelle Wickler, Jos Consbrück, Nico Dahmen, Christiane Haubrich a Willy Vullers waren mat vun der flotter Party. Houfreg war den Direkter Nicky Wintringer mat senger Responsabele vum Haus, Sandrina Alves, Laurent Paul, Thomas Eibel mat der Schwëster Paule Detampel fir allen 34 Jubilaren, déi tëschent dem 27. Januar an dem 27. Abrëll Gebuertsdag feiere konnten, di allerbescht Gléckwënsch ze iwwerbréngen an hinnen all zesumme mam Team eng Rous zum Éierendag ze schenken.

Natierlech huet de grouse Gebuertsdayskuch mat engem Glas Cremant och net bei dësem schéinen Event gefeelt.



Folgend Jubilare koumen zu Éieren: Carlo Urwald an Catherine Altmann- Schlechter (73 Joer); Zdzislaw Wypchal (76); Emilie Schmit-Schiltz (77); Marianne Ludivig-Pick an Catherine Ewertz-Schartz (79); Adeline Faber, Liliane Schumacher-Reding a Georgette Zenners-Koeune (81); Annette Stelmes-Groos, Gilbert Godart, a Gisela Schmidt-Fusenig (85); Sr. Paule Detampel an Emile Schloeder (86); Catherine Petit-Bourg an Eugénie Sabel-Schartz (88); Sr. Nicole- Marie Zahnen (89); Ketty Jacobs-Leiner, Sr. Agnes Everad, Margot Lavina-Kousmann a Gertrude Faber-Heyen (90); Charlotte Baustert-Krausch (91); Léonie Koener-Moris, Léon Hoffmann, Cécile Schleimer-Meres, Léon Kayser an Alice Gantrel-Decker (92); Lisa Schwatz-Grof an Yvonne Birscheidt-Birtz (94); Marie Bové-Ewert a René Feltes (95); Sr. Marie-Jeanne Raas an Irma Müller-Wolsfeld (96); Catherine Heisbourg-Soisson (98).

(CR) (Foto: Charles Reiser)



de Gemengebouet

Schoulen an der Gemeng Lëntgen

Elo wou déi Lëntgener Schoul aus dem Joer 1958 an d'Maison Relais vergréissert a renovéiert gi sinn a wou déi Gous-seler Schoul aus dem Joer 1965 ofgerappt gëtt fir aacht Wunnengen ze bauen, déi no enger Konventioun mam Logement-Ministère präisgëschteg verlount ginn, soll op dëser Plaz zesummegeallt ginn, wat schonn iwwer d'Schoulen an der Gemeng geschriwwen ass.

Historesche Kontext

Am Ancien Régime gouf et keng Schoulpflicht. D'Kanner konnten nëmmen am Wanter an d'Schoul goen, am Summer hu se missen doheem mat upaken. De Schoulmeeschter, dee gewéinlech vun den Eltere bezuelt ginn ass, huet niewebäi misse schaffen fir z'iwwerliewen. D'Kierch huet eng Haaptroll an deem primitive Schoulwiese gespillt: De Primärschoulunterricht sollt et de Kanner virun allem méiglech maachen, de Katchësem a Gebietsbicher ze liesen. D'Léiere vum Schreiwem ass géintiwuer dem Liese vernoléisst ginn.

D'Resultat war bis wäit an déischt Halschecht vum 19. Joerhonnert eran eng extrem niddreg Bildung an den Alphabetismus war nach wäit verbreet, virun allem um Land a bei de Meedercher.

Et huet also och no der franséischer Revolutioun nach laang gedauert, bis déi lamentabel Situatioun sech gebessert huet. E Gesetz vun 1843 huet eng besser Ausbildung

fir d'Schoulmeeschteren agefouert, huet der Kierch awer nach eng grous Kontrollfunktioon iwwer d'Schoul gelooss. Esou gouf de spéideren Deche vu Miersch, Jean Majerus, 1844 den éischten Direkter vun der Normalschoul fir Schoulmeeschteren.

Och wann dat obligatorescht Léiere vum Franséischen nieft dem Däitschen de Kanner schwéier gefall ass, huet déi méi breet Bildung et der Bevëlkerung awer méiglech gemaach, méi um politesche Liewen deelzehuelen. Nodeem 1881 eng sechsjäreg Schoulpflicht ageféiert gi war, ass déi 1912 op 7 Joer gehéicht ginn an d'Schoul ass gratis ginn. Béd Gesetzer si géint eng hefteg Opposition vun der Kierch, déi hir Kontroll iwwer d'Schoulmeeschteren an d'Schoulfächer verluer huet, gestëmmt ginn.

(Gilbert Trausch: „Le Luxembourg sous l'Ancien Régime, 1977“ an „Le Luxembourg à l'Epoque contemporaine, 1981“)

An dësem Kontext kann een am Luxemburger Wort vum 28. September 1871 liesen, datt de Lëntgener Schoulmeeschter Federspiel, President vu senger Beruffsassociatioun, op enger Reunion am Stater Kolléisch géint de franséische Sproochenunterricht argumentéiert huet. D'Versammlung huet eestëmmege proposéiert, de franséischen Unterricht an de Primärschoulen bäizehalen, allerdéngs eréischt vum 3. oder 4. Schouljoer un.

Geschicht vun de Schoulen an der Gemeng Lëntgen

E klengen Abléck an d'Situatioun virun der franséischer Revolutioun ass an der Publikatioun „Die Geschichte der Pfarrei und Herrschaft Mersch - Beitrag zur vaterländischen Geschichte“ vum Jean Majerus (1797-1875), dee vun 1852 bis 1875 Dechen zu Miersch war, ze fannen.

“1768 war Schulkaplan in Lintgen der Hochwürdige Herr Reding. Derselbe beehrte damals, samt seinem Kollegen, dem Hochwürdigen Herrn Hubert Schweig, Kaplan in Goseldingen, von dem Abte von St. Maximin die Überweisung eines Loses Brennholz. Sie begründeten ihr Gesuch mit ihrer notorischen Armut, welche ihnen fast nicht erlaube, sich öffentlich zu zeigen.”

Éischt Schoul zu Lëntgen

De Lokalhistoriker Emile Gruber (1924-2010) schreift an der Publikatioun „Église de Lintgen, son histoire et son mobilier liturgique de l'artiste Bettina Scholl-Sabatini“ (Fabrique d'Église de Lintgen, 2001):


“Eine Bittschrift wurde 1792 von offiziellen Vertretern der Gemeinschaft von Lintgen an die Abtei Sankt Maximin in Trier gerichtet: Diese Bittschrift veranschaulicht das Verlangen einer Dorfbevölkerung nach kirchlicher Betreuung und Schulunterricht.”

Am Gemengebuet vum Juli 2008 schreift den Emile Gruber:

“1809 am 7. März fand eine außergewöhnliche Gemeinderatssitzung statt, in welcher beschlossen wurde, dem Prefet vorzutragen, dass die Gemeinde keine Schule und kein Gemeindehaus hat.”

“Am 8. Mai 1810 beschloss der Gemeinderat von Lintgen, eine Schule zu bauen und zwar auf dem Grundstück beim Pfarrhaus (N.B. weitere Einzelheiten betreffend den Schulneubau sind aus keinem weiteren Bericht ersichtlich). Sieben Jahre später wurde Henri Brisbois von der Gemeindeverwaltung ermächtigt, den Kindern von der Hauptstrasse Schulunterricht zu erteilen, da der Weg zum Gemeindehaus im Mitteldorf (?) nicht zumutbar war.”

Um Ur-Kadasterplang vun 1824 gesäit een, datt dës Schoul um Terrain vun der haiteger Spillschoul stoung.



Ur-Kadasterplang, Nationalarchiv
(Église de Lintgen, son histoire et son mobilier liturgique, 2001)

“Aus dem Gemeinderatsbeschluss vom 7.9.1823 geht hervor, dass das Schulgebäude, welches im Jahr 1810 erbaut worden war, und mehr als 100 Schüler enthielt, noch nicht mit vorschriftsmäßigen Bänken ausgestattet war. N.B. Wie der Bau einer Schule zustande kam, geht aus keinem der Gemeinderatsberichte hervor.”

“In der Gemeinderatssitzung vom 30.9.1824 wurde über die Schulorganisation beraten: Es gibt eine Schule in Lintgen für die Sektion Lintgen, welche sich in dem dazu bestimmten Gebäude befindet. In Gosseldingen ist eine Schule im Kaplanshaus eingerichtet für die Sektionen Gosseldingen und Prettingen. Die Schulen sind zeitweilig voneinander getrennt wegen der Überschwemmungen.”

Datt d'Schoul vun 1810 scho geschwënn ze kleng war, beschreift den Emile Gruber an der genannten Broschür „Eglise de Lintgen“: “Inzwischen (ëm 1825) kam noch ein neues Projekt dazu, nämlich die Vergrößerung des Schulsaales in Lintgen”.

..... an am Gemeindeguebet vum Juli 2008: “In der alten Kirche, neben dem alten Pfarrhaus unterhalb des Friedhofes sollte gemäß Gemeinderatsbeschluss vom 13.1.1829 ein Schulsaal eingerichtet werden..... Dieses Vorhaben gelang jedoch nicht zur Ausführung, da die alte Kirche baufällig war und später abgetragen wurde.”

Jongeschoul a Meedercherschoul

Den Emile Gruber schreift weider am genannte Gemeindeguebet:


“Am 30.8.1831 wurden von der Gemeindeverwaltung Pläne in Auftrag gegeben zum Bau einer neuen Schule.”




Jongeschoul – Foto: Luxemburger Wort 09/11/1957

“Am 27. Oktober 1833 erhielt Nicolas Kieffer aus Lintgen die Genehmigung, im Walde von Lintgen genannt “Stangenweg” einen Steinbruch auszubeuten, zum Bau einer neuen Schule und zwar unterhalb der Pfarrkirche Im Gemeinderat wurde beschlossen, die alte Schule abzureißen, da sie inmitten der Gemeindebauten lag. Das verbleibende Grundstück soll dem Schullehrer als Garten dienen”.

“Im Monat August 1870 tritt der Bürgermeister Klein neben seinem Wohnhaus der Gemeinde 2 Ar von seinem Garten ab zum Bau einer Schule mit einer Lehrerwohnung. Hier entstand die sogenannte Mädchenschule, wo die Schwestern der christlichen Lehre Unterricht erteilten.”




Courrier du Grand-Duché de Luxembourg 13/09/1845



Luxemburger Wort 09/06/1870

Remark: D'Ausschreiwunge vun 1841 (Schoulmeeschter) an 1845 (Léierin) goufe vum Henri Klein, Buergermeeschter vun 1831 bis 1848 gemaach. Hien huet op der haiteger Adress 1A/1B, route de Fischbach gewunnt. D'Ausschreiwung vun 1870 („Bau-Verding“) gouf vu sengem Fils Nicolas, Buergermeeschter vun 1868 bis 1897



Diekircher Wochenblatt 02/10/1841



gemaach. Dësen Nicolas Klein huet am selwechte Joer dat Stéck Terrain bei sengem Haff (deen hien 1849 kaaft hat an deen 1982 ofgerappt ginn ass, haiteg Adressen 37 bis 43, route de Fischbach) un d'Gemeng ofgetrueden.



Meedercherschoul – Foto: Broschür "25^e Anniversaire Service Ambulancier" Protection Civile, 1986

Situatioun ëm 1900

Eng Ergänzung vun 1900 am Deel iwver Lëntgen vum "Beitrag zur vaterländischen Geschichte - Aus dem Nachlasse des hochw. Herrn Majerus - Die Geschichte der Pfarrei und Herrschaft Mersch" informéiert iwver d'Situatioun vun de Schoulen ëm d'Enn vum Joerhonnert.

Die Bevölkerung der Pfarrei und Gemeinde Lintgen beträgt 1114 Einwohner, wovon 850 auf Lintgen, 155 auf Gosseldingen und 109 auf Brettingen entfallen.⁷⁹⁾

Schulen zählt man 5, zwei Knaben- und zwei Mädchenschulen zu Lintgen, eine gemischte Schule zu Gosseldingen, mit zusammen 171 Kindern. Die Mädchenschulen werden von Schwestern geleitet.⁸⁰⁾

⁷⁹⁾ Direktorium pro 1900.

⁸⁰⁾ Schulbote, 1899, Seite 346.

Mat „Schulen“ sinn hei natierlech d'Klassesäll gemengt, net d'Gebaier.

Neibau vun enger Schoul fir Jongen a Meedercher

An enger Reunioun vum Gemengerot den 29. Mäerz 1940 gëtt iwver den Zoustand vun den ale Schoule beroden:

Bezüglich der Schulgebäude von Gosseldingen und Lintgen macht Herr Unterrichtsminister Margue auf eine Menge Mißstände aufmerksam, um am Schlusse seiner Bemerkungen den Bau einer neuen Schule in Lintgen zu empfehlen. Der Gemeinderat sieht diese Notwendigkeit nicht ein, erkennt jedoch Mängel, wie Instandsetzung der Treppe und Dachrinne, an und werden diese Arbeiten baldmöglichst ausgeführt werden. — Dem Wunsche des Herrn Schosseler betr. Ersetzen des vom Sturmwetter arg mitgenommenen Kirchturmhahnes in Gosseldingen wird Rechnung getragen.

Tageblatt 01/04/1940

Wéi d'Gemeng nom Krich en Haus mat grousssem Terrain vun den Ierwen vum fréiere Gemengereceveur Jean Horger ze kafe kritt huet, ass de Neibau vun enger Schoul méiglech ginn. Dozou den Emile Gruber am genannte Gemengebuert:

"Nachdem die Gemeindeverwaltung das Haus Horger mit einem Bering von 109 Ar am 15. Oktober 1952 ersteigert hatte, wurde ein Schulneubau beschlossen für sämtliche Kinder von Lintgen.

De Grondsteen ass de 7. November 1956 geluecht ginn an en Dokument ass mat gemauert ginn.

Um den Grundstein hatten Aufstellung genommen mit Urkunden-Rolle und Hülse Liette Schiltz und Marie-Paule Mergen, umgeben von Mariette Meyer, Renée Ney und Marg. Wiltgen, alle niedliche Schulmädchen.

Derweil dann Hr. Unternehmer Théo Hengen und sein Bauführer Deisel vortraten, verlas ein Schüler des 7. Schuljahrs, Foni Sinnes, den Text der Urkunde sowohl in französischer als auch in luxemburgischer Sprache.

Tageblatt 19/11/1956



Foto: Archiv vun der Gemeng Lëntgen

Die Schuleinweihung des neuen Gebäudes fand am 26. Okto-

Als der Cortège vor der Schule angelangt war, trat der Schüler
Albert Neuens
aus dem 7. Schuljahr vor, um den HH. Frieden, Biever, Bodson, Nothumb, Thoss und Donnersbach den Willkommgruß zu entbieten.

Tageblatt 28/10/1958

ber 1958 statt. Die alten Schulen wurden abgerissen."

L’AN MIL NEUF CENT CINQUANTE-SIX
LE 15 DU MOIS DE NOVEMBRE

SOUS LE RÈGNE DE S.A.R. CHARLOTTE
GRANDE-DUCHESSE DE LUXEMBOURG

SOUS LE GOUVERNEMENT DE M.M.

JOSEPH BECH, ministre d'état
PIERRE FRIEDEN, ministre de l'intérieur et de l'éducation nationale
NICOLAS BIEVER, ministre du travail et de l'assistance sociale
PIERRE WERNER, ministre des finances
VICTOR BODSON, ministre des transports et des travaux publics
EMILE COLLING, ministre de l'agriculture et de la santé publique
MICHEL RASQUIN, ministre des affaires économiques
PAUL WILVERTZ, commissaire-général, membre du gouvernement

IL FUT PROCÉDÉ SOLENNELLEMENT À LA POSE DE LA PREMIÈRE PIERRE DU NOUVEAU
BÂTIMENT D'ÉCOLE
DE LA COMMUNE DE LINTGEN

CETTE CONSTRUCTION FUT DÉCIDÉE EN SÉANCE PLÉNIÈRE DU 28 OCTOBRE 1955 PAR
LE CONSEIL COMMUNAL SUIVANT, QUI EN ASSUMAIT ÉGALEMENT L'EXÉCUTION :

JEAN DONNERSBACH, maire
JEAN UNSEN, premier échevin
MICHEL KLEIN, deuxième échevin
EMILE KETTER, CAMILLE SCHMIT + 9.3.1956
ALOYSE PULTZ, NICOLAS WILTGEN
MARCEL MARTIN, MARCEL MERGEN

conseillers communaux
assistés du secrétaire communal NICOLAS WAGNER

LES PLANS FURENT DRESSÉS PAR RENÉ MAILLIET, ARCHITECTE-DIPLÔMÉ
APRÈS AVIS DE M.M.

HUBERT SCHUMACHER, architecte-directeur de l'état
HENRY LUJA, architecte-urbaniste de l'état
GUILLAUME THOSS, inspecteur d'écoles
ABBÉ JEAN-NICOLAS SCHMIT, curé de Lintgen

DU PERSONNEL ENSEIGNANT : JEAN-PIERRE WILTGEN, MICHEL MOLLTOR,
ROGER CIGRANG, instituteurs; EUGÉNIE PETLER, ÉLÉONORE MATTERI, institutrices

